GREEN DAY

07/07/2014

@ SAINTE-ANNE

ERNÄHRUNG - ENERGIE
MOBILITÉIT - ËMWELT

ERNÄHRUNG - ERNÄHRUNG - ERNÄHRUNG - ERNÄHRUNG

Atelier 1:

Visite Rackésmillen a Baken

Mam Zuch geet et op Äischer a no der Visite vun enger Millen, fuere mir op Munzen wou eng goud Äppeltäsch gebak gëtt.

20 Schülerinnen (7e + 8e)

Atelier 2:

Produktioun vun Uelleg a Moschtert

Zu Kaalber, am Naturpark Our, gëtt aus regional ugebaute Kären Uelleg a Moschtert gepresst. Hei kri dir gewisen, wéi dës Produkter entstinn a verpakt ginn... a natierlech gëtt et och Eppes ze schmaachen.

20 Schülerinnen (7e - 12e)

Atelier 3:

Kiche vun A bis Z

Zesumme mam René Mathieu, Stärekach vu Buerglënster, gi gesond Liewensmëttel virgestallt an et gëtt domadder gekacht - bei eis an der Schoul.

15 Schülerinnen (7e - 12e)

Atelier 4:

Kraiderwanderung

Op engem flotten Trëppeltour sammelen d'Mmes Maggy Risch a Maria Erdmann zesumme mat iech Kraider, déi dir bestëmmt nach net kennt. Dono gëtt an der Schoul domadder gekacht.

15 Schülerinnen (7e - 12e)

Atelier 5:

Visite Maulusmillen a Pizza baken

Et geet mam Zuch bis op d'Maulusmillen, wou eng Visite guidée vun der Millen um Programm steet. Dono gi Pizzae gebak andeems Stroum benotzt gëtt, dee vun der Mille produzéiert gëtt.

13 Schülerinnen (7e - 12e)

Atelier 6:

Visite vun der SEBES

Mir fuere mam Bus op Esch-Sauer wou dann eng Visite guidée vun der SEBES gemaach gëtt. Hei kann ee gesinn, wéi d'Waasser aus dem Stauséi zu Drënkwaasser verschafft gëtt. Wéi kënnt d'Wasser aus dem Séi an de Krunn?

25 Schülerinnen (7e -12e)

Atelier 7:

Gesond Ernährung - gekacht am Restaurant Faust zu Longsduerf

Fir op Longsduerf ze kommen, huele mir de Bus. Do waart den Här Faust, Patron a Kach aus dem Restaurant Faust op eis. Zesumme gebrauchen mir Produkter aus sengem eegene Gaart an aus der Géigend fir zesummen ee gesonde Kascht ze preparéieren.

20 Schülerinnen (7e - 12e)

Atelier 8:

Visite vun Oikopolis

Dir hutt ganz bestëmmt scho vu Naturata héieren! Zu Mënsbech ass hir Zentral. Mir fuere mam Zuch dohinner a besichen dann d'Hale vun Oikopolis. Do gesi mir wéi hir Wueren (Bio-Wueren) verschafft ginn, wéi hiert Brout gebak gëtt, kënnen duerch hire Buttek goen an hunn dono d'Méiglechkeet Froen iwwert Oikopolis, hir verschidde Firmen a Produkter, ze stellen.

25 Schülerinnen (7e - 12e)

Atelier 9: **Kachatelier** An der Schoulkiche weist d'Mme Cathy Lehmann iech wat fir goud Saachen ee mat Friichten aus der Saison ka maachen... goud Gebees, eng goud Glace. Mmmh! 10 Schülerinnen (7e - 12e)	Atelier 10: **Visite Moulin de Dieschbourg** D'Dieschbourger Millen ass zu lechternach an do gi verschidden Zorte Miel gemuelen… awer och Kaffi gëtt do geréischtert. Den Här Yves Dieschbourg freet sech, fir iech de Beruff vum Miller ze erklären an iech vill interessant Informatiounen mat op de Wee ze gin. 20 Schülerinnen (7e - 12e)
Atelier 11: **Scoutsliewen a Scoutsiessen** Falls d'Wieder et erlaabt, gi mir fir d'éischt an de Bësch Holz sichen. Dono hu mir da Rendez-vous am Ettelbrécker Scoutschalet, wou jonk Scoute mat eis ee Lagerfeier maachen a Scoutskascht mat eis kachen. Sie weisen eis och wéi ee mat e puer Scoutstricken een Zelt ka bauen oder ee Lagerfeier kann umaachen 15 Schülerinnen (7e -12e)	Atelier 12: **Taste the Waste** Vill vun eise Liewensmëttele ginn ewechgehäit, obwuel se nach goud sinn an opgebraucht kënnte ginn. Virwat ass dat esou? Soll een do net eppes änneren? Nom Film „Taste the Waste" gëtt iwwer dës Problematik nogeduecht an diskutéiert. 30 Schülerinnen (10e - 12e)
Atelier 13: **Visite Mirador Stengefort – Brout baken** Mir fuere mam Bus op Stengefort a maache Brout, wat dann iwwert dem Lagerfeier gebak gëtt. 18 Schülerinnen (7e - 9e)	Atelier 14: **Visite Mirador Stengefort – Wildpflanzen** Mir fuere mam Bus op Stengefort a maachen dann eng kleng Wanderung. Ënnerwee gi Kraider a Gewürzplanze gesammelt a mir kucken, wat een domat maache kann. 18 Schülerinnen (7e - 9e)

Atelier 15 :

Energietour Beckerech

Mir fuere mam Bus op de Moulin de Beckerich a kréien do Biogas-Anlag, Holzschnitzelanlag, Sportshal a Passivhaus-Bürosgebai vu Beckerech gewisen. 3 1/2 Stonn dauert eisen Tour. Picknick matbréngen!

25 Schülerinnen (7e - 12e)

Atelier 16:

Visite SEO

Mir fuere mam Bus op Veianen a kucken eis an enger Visite vun 2 Stonnen d'SEO an hir ëmweltfrëndlech Manéier vun Energieproduktioun un.

20 Schülerinnen (7e - 12e)

Atelier 17:

Solarbot

Kann e Bot nëmme mat Solarenergie fueren? Mir fuere mam Bus op de Stau a genéissen en Tour am Solarbot. Duerno Picknick op der Wiss!

21 Schülerinnen (7e - 12e)

Atelier 18:

Footprint / Klassenofdrock

Wéi vill Planéite brauchs du? Mir léieren den ökologeschen Foussofdrock kennen an erfannen zesumme mam CRP Henri Tudor (Centre de Recherche) en eegene ' Klasse-Foussofdrock'!

20 Schülerinnen (10e - 12e)

Atelier 19:

Energie

Flott Experimenter an spannend Informatiounen zum Thema Energie mat engem Responsabel aus dem Naturpark Our.

20 Schülerinnen (7e - 9e)

Atelier 20:

Erneierbar Energien

Wéi eng erneierbar Energien ginn et hei zu Lëtzebuerg ? Wéi gesäit et an der Zukunft aus? Froen déi am Virtrag vum Här Hocq vu ‚myenergy' ugeschnidde ginn!

Wéi schwéier ass et selwer Energie ze produzéieren? Dir kënnt deen Dag och selwer Energie mat engem Vëlo produzéieren!

20 Schülerinnen (10e - 12e)

Atelier 21:

Wärme - Bewegung/Kräfte

Hu dir Loscht op Experimenter zum Thema Waasser an Energie? Da schreift lech an dësen Atelier an bei der Madame Winter an dem Här Wangen! Spannend!

20 Schülerinnen (7e + 8e)

ENERGIE - ENERGIE - ENERGIE -

MOBILITÉIT A BEWEGUNG - MOBILITÉIT A BEWEGUNG

Atelier 22:

Hëllef, ech hunn e Platten!

Mir léiere wéi een e Vëlo fléckt a maachen dono en Tour vun Ettelbrëck op Dikkrech a komme mam Zuch zréck.

12 Schülerinnen (7e - 12e)

Atelier 23:

Wat ass en E-Bike?

D'Madame Roux vu citymov' erkläert eis, wéi en Elektrovëlo fonktionnéiert an dono fuere mer

- mam E-Bike laanscht d'Sauer op Dikrech a komme mam Zuch zréck
- mam Zuch op Dikrech a komme mam E-Bike laanscht Sauer op Ettelbréck zréck

Am Schoulhaff kënne mer da nach en Elektroauto ausprobéieren (mat Führerschäin!) oder matfueren.

10 Schülerinnen (10e - 12e)

Atelier 24:

En Tour mam MTB (Mountainbike)

Mir fuere mam Michel Reding 20 km mam MTB duerch de Bësch. Et geet och mol biergop.

20 Schülerinnen (7e - 12e)

Atelier 25:

En Tour mam Citybike

D'Tatjana (Info Vëlo Lëtzebuerg) erklärt eis d'Regelen am Stroosseverkéier fir de Vëlo a fiert duerno nach e klengen Tour mat eis duerch Ettelbrëck.

10 Schülerinnen (7e - 12e)

Atelier 26:

Duerch de Schierener Bësch

E flotten Trëppeltour mat Aktivitéiten am Bësch erwaart iech mat de Proffen Carmen Everard, Alex Ludovicy a Lynn Jacoby. An natiirlech ass den Hond Pacha och mat dobäi!

25 Schülerinnen (7e - 12e)

Atelier 27:

Nordic Walking

Si dir schonns mol mat „Bengele" spadséiere gaangen? Losst iech vun dëser flotter Sportart matrappen an an d'Geheimnisser vum Nordic Walking aweien. Är Begleederin ass d'Mme Malou Kasel.

10 Schülerinnen (7e - 12e)

Atelier 28:

Haff Ditgesbaach Ettelbréck

Mir trëppele bis op den Haff Ditgesbaach zu Ettelbréck, kréien hire Bio-Haff gewisen, an maachen dono a Picknick.

15 Schülerinnen (7e + 8e)

Atelier 29:

Haff Ditgesbaach - Visite Päerdsstall

Mir trëppele bis op den Haff Ditgesbaach zu Ettelbréck a ginn an de Päerds-Stall vum Haff Ditgesbaach. Hei ass eng Pensioun fir Päerd. Hei kréien mir Erklärungen zum Ëmgang mam Päerd, a ganz besonnesch mam Therapie-Päerd. Mir kënnen och selwer verschidden Therapie-Exercicer mam Päerd ausprobéieren. Dono maache mir e Picknick.

10 Schülerinnen (7e + 8e)

MOBILITÉIT A BEWEGUNG - MOBILITÉIT A BEWEGUNG

Atelier 30: **Teambuilding am Mariendall** Mir fueren an de Mariendall. Am Centre vum SNJ maache mir flott a witzeg Aktivitéiten am Grupp. 20 Schülerinnen (7e - 12e)	Atelier 31: **Bouschéissen am Mariendall** Am Centre vun der SNJ am Mariendall léiere mir Bou schéissen. 15 Schülerinnen (7e - 12e)
Atelier 32: **De Bësch - Liewensraum, Erhuelung a wirtschaftlech Bedeitung** Mam Zuch fuere mir, zesumme mat der Mme Suzanne Majerus an dem Här Nico Mercatoris op d'Giëwelsmillen. Vun do aus geet et 7 km zu Fouss op Kautebaach. Matzebréngen ass virun allem eng goud Konditioun! 20 Schülerinnen (7e - 12e)	Atelier 33: **Ausfluch an de Mëllerdall** Mir entdecken zu Fouss e schéint Stéck Lëtzebuerg - de Mëllerdall - zesummen mat der Mme Barbara Oehl. 15 Schülerinnen (7e - 12e)
Atelier 34: **Indian Forest zu Veianen** Mir fueren op Veianen an den Kloter-Park, 2 Stonnen Kloter-Spaass garantéiert. 40 Schülerinnen (7e - 12e)	Atelier: 35: **Visite vum „Moulin de Kalborn"** Mir fueren op Kaalber, maachen do e klengen Trëppeltour, kréien Explikatiounen iwwert eis Waasserqualitéit, a léieren de Projet „Flussperlmuschel" kennen. 30 Schülerinnen (7e - 12e)

MOBILITÉIT A BEWEGUNG - MOBILITÉIT A BEWEGUNG

Atelier 36:

Waasseranalysen

Wasseranalysen vun der Wark, der Uelzecht an der Sauer mat chemeschen a biologesche Methoden, zesummen mat de Proffen Paul Didier, Silke Nitsche, Luc Vanolst a Laurent Theisen.

24 Schülerinnen (7e - 12e)

Atelier 37:

Visite Superdreckskëscht

Mir fuere mam Bus op Colmer, an da maache mir eng Visite vun der Superdreckskëscht a léieren, wéi mir eisen Dreck richteg entsuerge kënnen.

20 Schülerinnen (7e - 12e)

Atelier 38:

Visite Mirador Stengefort - Rondrem d'Waasser

Mir fuere mam Bus op Stengefort a maachen do mat an engem Atelier mam Thema Waasser.

18 Schülerinnen (7e - 9e)

Atelier 39 :

Visite Mirador Stengefort - Kunst für die Natur

Mir fueren mam Bus op Stengefort a bastelen do mat Saachen aus der Natur.

18 Schülerinnen (7e - 9e)

Atelier 40 :

Schmuck aus Nespressokapselen

Ob Ouerréng, Ketten oder Braceleten -aus eidelen Nespressokapsele kann ee nach vill flott Saache bastelen (an der Schoul).

20 Schülerinnen (7e - 12e)

Atelier 41 :

Mosaïk aus Plättercher

Hei däerf ee kreativ sinn a senger Fantasie fräie Laf loossen. Aus Plättercher, Parzeläin an anere flotte Saache kënnt dir hei ären eegene Mosaïk entwerfen (an der Schoul).

12 Schülerinnen (7e - 12e)

Atelier 42:

Bizen aus Stoffreschter

„Ojee, meng Box ass futti!"
Hei kri dir gewisen, wat een aus enger futtisser Box oder anere Stoffreschter nach alles ka maachen an dir kënnt et natierlech direkt ausprobéieren (an der Schoul).

12 Schülerinnen (7e - 12e)

Atelier 43:

Recup-Art Offall

Ärer Kreativitéit si keng Grenze gesat... Maacht aus Offall eppes Flottes, Neies. Zu Eesbech am KultOUR-Dëppen.

10 Schülerinnen (7e - 12e)

Atelier 44:

Recup-Art Plastikfläschen

Aus enger Plastikfläsch gëtt mat vill Phantasie a Kollage eng originell Geschenkdous, eng Vase, oder ... E flotte Recyclage-Atelier zu Eesbech.

10 Schülerinnen (7e - 12e)

Atelier 45 :

Sënn an Zweck vun engem Naturpark

Mam Bus geet et op Esch-Sauer an de Siège vum Naturpark Öewersauer. Do kréie mir eng Ausstellung gewisen an de Sënn & Zweck vum Label „Vum Séi" erkläert. Da gi mir och nach déi al Duchfabréck kucken, wou esouguer extra fir eis d'Machinen rëm ungehäit ginn.

35 Schülerinnen (7e - 12e)

Atelier 46: **Visite SIDEN-Bleesbréck** Mam Bus fuere mer bis op d'Bleesbréck, fir en Tour duerch d'Kläranlag ze man an eis erklären ze loossen, wéi aus gebrauchtem Waasser rëm Drénkwaasser gëtt. 20 Schülerinnen (7e - 12e)	Atelier 47: **Unterhaltungselektronik** Wat kascht mäin Handy? Wéi eng rare Materialien ginn dofir gebraucht? Wat huet dat mat de Minnen aus dem Perou ze dinn? Den Här Muller aus dem Oeko Zenter am Pafendall kënnt bei eis an Schoul a gëtt Erklärungen. 20 Schülerinnen (7e - 12e)
Atelier 48: **Nohalteg Bastelen** E Grupp vu SchülerInnen aus dem Dikrecher Kolléisch (Sektioun Artistique) bastelt mat eis mat Offallmaterialien. 20 Schülerinnen (7e - 9e)	Atelier 49: **Bastelen mat Offall** Zesummen mat engem Responsabel aus dem Naturpark Our ginn bei eis an der Schoul flott Saachen mat Offall gebastelt. 20 Schülerinnen (7e - 9e)

ËMWELT - ËMWELT - ËMWELT

WICHTEG INFORMATIOUNEN!!

Wat kascht et?

Dir braucht den Atelier oder d'Visite net ze bezuelen.

Fir d'Atelieren oder d'Visiten déi NET an eiser Schoul sinn, muss dir selwer de Bus- oder Zuchticket bezuelen!! (oder Jumbo!)

Wéi geet dat mat der Aschreiwung?

Wéini? donneschdes, 5. Juni ëm 8.00 Auer bis freides, 6. Juni ëm 18.00 Auer

Wéi? nëmmen iwwer d'Homepage vun der Schoul - Link Greenday / Programm: eventzilla / 1 Ticket pro Schülerin!

Opgepasst: donneschdes a freides sinn de Bureau-Modèle (B106) an den Infossall (B204) an der Mëttespaus (11.35 bis 12.20 Auer) fir Aschreiwungen op

Info? vun en Dënschden 3. Juni all Dag an der 9.40 Paus (Salle de récréation)

Wou iessen ech deen Dag?

D'Kantine ass zou! Fir d'Atelieren ausserhalb der Schoul muss dir ee Picknick virgesinn. Wann dir an en Atelier gitt wou gekacht gëtt, iesst dir natierlech do.